

SAVE THE DATE!

**Dënschdes
5. Abrëll
ab 10:30**

Bëschbesichtigung mam Roger Schauls

**MIR TREFFEN EIS AN DER RUE DE LIMPACH
ZU ZOLWER/AESSEN BEI DE LÄSCHTEN HAISER!**



Kompensatiounsmoossnamen: een trauregt Bild no 30 Joer!

A priori soll do, wou Schued entsteet, duerch Moossnamen de Schued nees "reparéiert" ginn – wat futti gemaach gëtt, gëtt ersat a muss kompenséiert ginn !

Zënter Joerzénge beméie mer eis déi Beem an Deeler vu Bëscher déi ewech gehae ginn - well Bauprojete Prioritéit hunn - duerch Neiupflanzungen ze kompenséieren. Mir wësse wéi wichteg de Bësch als CO2-Späicher ass.

Kucke mer eis déi Kompenséierungen awer mol méi genee un, da muss e feststellen, dass dat fir al Bëscher net gutt gelongen ass. D'Hoffnung an d'Illusioun eis al Bëscher an hier Bëschflora a Fauna kënne kuerzfristeg duerch Moossnamen ze ersetze sinn all gescheitert.

E konkret Beispill wëlle mer eis méi genee ukucken: **Kompensatiounen an den Aessen tëschent Zolwer an Éilereng fir de Bau vun der Collectrice du Sud.** Do sti Beem déi virun iwwer 30 Joer als Kompensatiounsmoossnam ugeplanzt gi sinn, direkt niewent engem Bësch deen 150 Joer al ass. Den Zoustand vum neien Deel "Bësch" ass no iwwer 30 Joer deplorabel. Do ass keng Bëschgemeinschaft entstanen – keng Symbiose, keng Biodiversitéit weder bei der Bëschflora nach bei den Déieren.

En erschreckend Bild, awer och en ernüchternd Bild! Kuerzfristeg sinn eis al Bëscher net ze ersetzen. D'Natur brauch Zäit - 100 Joer ! Méi wéi d'Dauer vun engem Mënscheliwwen! Mir hunn awer déi Zäit net méi! Matten an enger Klimakris ass et onverstänneg, fahrlässeg an suicidaire al Bëscher wéinst Contournements, sief et zu Käerjeng oder zu Hesper, ofzeholzen!

Et gëtt héich Zäit, dass mer endlech verstinn, dass mer net méi wéi gewinnt weiderfuere kënnen.

Rendez-vous fir d'Bëschbesichtigung ass den Dënschden, 5. Abrëll 2022 um 10:30 zu Zolwer an der rue de Limpach, bei de läschten Haiser.

De Biolog an Expert ROGER SCHAULS gëtt déi néideg Explikatiounen an Äntwerten op Froen.

Duerno fuere mer op eng kuerz Visitt vum Bobësch a vun der Natura 2000 Zone tëschent Suessem a Käerjeng, wou de Contournement vu Käerjeng soll derduerch féiere, wou mer bei engem Bréitchen an der Mëttesstonn zesummen diskutéiere kënnen!

Mellt iech weg un iwwert big@pt.lu !

Passt är Schong an är Kleeder dem Wieder un !

**Gemeinsam Aktioun vum MOUVEMENT ECOLOGIQUE, NATUR&ËMWELT,
YOUTH FOR CLIMATE LUXEMBOURG an der BIGS.**

SAVE THE DATE!

**Mardi
5. avril
10:30**

Visite des lieux avec Roger Schauls

**POINT DE RENCONTRE AU BOUT DE LA RUE DE
LIMPACH à SOLEUVRE/AESSEN !**



Mesures de compensation : un bien triste constat après 30 ans !

A priori tout dégât doit être réparé – ce qui est détruit est remplacé, reconstruit et compensé !

Depuis des décennies nous nous efforçons de remplacer les arbres et parties de forêts qui sont abattus – pour faire place à des projets de constructions priorités – par de nouvelles plantations comme compensations. Nous sommes tous conscients de l'importance des forêts pour absorber les gazs CO2.

Mais si nous observons ces plantations de plus près nous constatons que l'opération a mal abouti surtout en ce qui concerne nos vieilles forêts. L'espoir et l'illusion de vouloir « rétablir » à court terme la biodiversité de la flore et de la faune ont échoué.

Voyons un exemple concret de plus près : **les compensations pour la réalisation de la Collectrice du Sud entre Aessen et Soleuvre**. Il y a plus de 30 ans que des arbres ont été plantés comme mesure de compensation et ceci juste à côté d'une forêt âgée de 150 ans. Cette nouvelle « forêt » fait pleurer. Il n'y a ni communauté forestière, ni symbiose, ni biodiversité de la flore et de la faune qui soient visibles.

Une image déplorable et désenchantée se présente ! A court terme nos forêts ne peuvent pas être compensées ! La Nature a besoin de temps – 100 ans ! Plus de temps que la durée d'une vie humaine ! Mais nous ne disposons plus de ce temps ! En pleine crise climatique il est insensé, irresponsable et suicidaire de vouloir toujours détruire nos vieilles forêts pour faire place à des contournements - soit à Bascharage soit à Hespérange.

Il est grand temps que nous comprenions enfin que nous ne pouvons plus continuer comme toujours !

Rendez-vous pour la visite des lieux le jeudi 5 avril 2022 à 10:30 à Soleuvre au bout de la rue de Limpach.

Le biologiste et expert Roger Schauls nous fournira les explications nécessaires et répondra aux questions.

Aussitôt après, nous irons faire un bref détour au Bobësch et à la Zone-Natura-2000 entre Sanem et Bascharage, là, où le contournement devrait traverser les deux forêts. Nous y prendrons une collation (offerte) à midi et discuterons ensemble.

Veillez confirmer votre participation via big@pt.lu

Veillez adapter habits et chaussures aux conditions météorologiques !

**Action commune de MOUVEMENT ECOLOGIQUE, NATUR&EMWELT,
YOUTH FOR CLIMATE LUXEMBOURG et BIGS.**